PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 26/01/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Justiz weiderzeleeden.

Mam Gesetz vum 20te Januar 2022 gouf, wat d'Konditiounen ugeet, wat de Besëtz an d'Notzung vu Waffen berëfft, nogebessert. Verschidde Proposen aus dem Originaltext goufen allerdéngs net an dat schlussendlecht Gesetz iwwerholl. Esou zum Beispill eng Erhéijung vum Mindestalter fir d'Notzung vu Waffen. Kanner ab 11 Joer kënne mam neie Gesetz elo Sportswaffen notzen. Ee Waffeschäi kann ab 16 Joer ugefrot ginn.

Op der anerer Säit ginn et verschidde Videospiller, oft First-Person-Shooter, wou de Spiller ka mat Waffen op Saachen, Mënschen oder Déiere schéissen. Dës Spiller sinn oft eréischt ab 16 respektiv ab 18 Joer zougelooss.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi gesäit d'Ministesch d'Proportionalitéit tëscht dem digitalen Asaz vu Waffen an dem Realen? Misste fir den Asaz vu Waffen net mindestens grad esou streng Reegele gëlle wéi fir d'Notzung vu verschiddene sougenannte First-Person-Shooter-Videospiller?

2. Wäert d'Waffegesetz een Impakt op d'Alterslimitte vun de Videospiller hunn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député